Journées du livre et du droit d'auteur

23.-28. Abrëll 2019

Mat alle Sënner liesen

Eng Propositioun vum
Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend

Ëm wat geet et?

All Organisateure vun de *Journées du livre et du droit d'auteur* hunn zesumme fir 2019 d'Thema "Mat alle Sënner liesen" definéiert.

Bei der Aktioun geet et drëm, all d'Sënner anzesetzen, fir sech an d'Geschichten eranzeversetzen, se ze genéissen, ze begräifen a se sech zu eegen ze maachen.

Mat alle Sënner liesen soll hëllefen, d'Kanner fir Geschichten an domat fir Bicher ze begeeschteren an hiren Interessi fir Bicher z'entwéckelen. Geschichten a Bicher kann ee lauschteren, kucken, souguer richen, fillen a schmaachen.

Duerchbliederen a staunen, zu Geschichten dreemen, schwätzen a laachen, alles dat hëlleft de Kanner, sech an d'Geschichten eranzefillen, se begräifbar ze maachen, a Loscht op nei Geschichten ze maachen.

Alles däerf dobäi agesat ginn, Billerbicher, Märercher, Hörbicher, Geschichten, Sachbicher, ... , den Themen an den Aktivitéite si keng Grenze gesat.

Wat ka gemaach ginn?

Zum Motto vun 2019 bidde sech villerlee Aktivitéiten un:

- Geschichte kënne verännert ginn, fir datt se mat engem anere Sënn ze begräife sinn: eng geschriwwe Geschicht kann illustréiert ginn z. B. als Comic, e Gedicht, wat fir d'éischt gelies gouf, gëtt op verschidde Manéiere virgelies, ...
- Wimmelbicher a Bicher ouni Text kënnen agesat ginn; hei geet et fir d'éischt ëm d'Kucken an d'Verstoen. Da kënne Kanner Geschichten derzou erfannen, se ophuelen a se eleng oder mat aneren erëm lauschteren.
- Et kann een eng bestëmmte Geschicht mat verschiddene Sënner erliewen: al an nei Buchfassunge vun dem Buch kucken, eng Versioun als Comic oder Graphic Novel liesen, sech Versiounen an anere Sproochen ukucken, an d'Hörbuch dervun eralauschteren, e verfilmten Extrait kucken, et als Theater erliewen, ...

- D'Sënner selwer kënnen d'Thema sinn: déi klassesch fënnef Sënner, extra Sënner vun den Déieren, de "6. Sënn". Hei gëtt et deels ganz spannend Sachbicher z'entdecken.
- Wéi erliewe Leit, deenen 1 Sënn feelt, Geschichten? Si notze Brailleschréft, lauschteren Hörbicher, loosse sech vum Computer Internetsäite virliesen, si erziele Geschichten a Gebäerdesprooch, ...
- Geschichte kënne virgelies ginn, vum Auteur selwer, vum Enseignant, vu grousse Schüler fir méi klenger, mat Asaz vu Stëmm, Mimik a Gestik. Hei kann een och Eltere mat an d'Boot huelen an hir Familljesproochen erabréngen.
- Gedichter kënnen auswenneg virgedroen, illustréiert, ëmgeännert an erweidert ginn.
- Geschichten a Gedichter kënne vu Musek respektiv Geräischer begleet ginn.
- Geschichte kënnen als "Lesetheater " ëmgewandelt a virgedroe ginn, Zeene kënne virgespillt ginn.
- Et kann ee Geschichten zu Lidder a Gedichter erfannen.
- Hörbicher an Hörspiller kënne gelauschtert ginn, Bicher mat Tiptoi, Tingstëft o. ä. kënnen agesat ginn.
- Geschichte kënne mam Kamishibai (japanesche Pabeiertheater) presentéiert ginn, sief et fäerdeg Geschichten oder där, déi d'Kanner erfonnt hunn.
- Sachbicher, deels z. B. mat spezielle Klappen oder Folien, ginn extra Abléck an e Sujet.
- Bicher kënne gefillt a verglach ginn: den Aband, de Pabeier, d'Form, ...
- Fillbicher a Pop-up-Bicher kënne genotzt ginn.
- Fillkëschten, déi mat Objeten aus enger Geschicht gefëllt sinn, kënnen agesat ginn.
- Et gëtt antëscht och scho Richbicher.
- Rezepter kënnen nogekacht ginn.
- Sachbicher iwwert d'Schmaachen (z. B. Uebst, Geméis, Gewürzer, ...) kënne genotzt ginn.
- ...

Wéi kann ee matmaachen?

Als eenzel Klass, als Zyklus oder ganz Schoul.

D'Responsabel aus de Schoulbibliothéike sinn d'Kontaktpersoune fir déi Aktioun.

Umeldung (iwwert de Schoulbibliothecaire): mam Onlineformulaire **(https://tinyurl.com/jdl2019-ef-lux) bis de 15. Mäerz 2019**

Wat geschitt mat den Aktivitéiten, déi gelaf sinn?

A jiddwer Schoul sollen d'Aktivitéiten dokumentéiert an déi Dokumentatioun bis den 19. Mee 2019 erageschéckt ginn. Flott wier et allgemeng, wa mir d'Dokumentatioun an digitaler Form (300 dpi-Printqualitéit) kënnte kréien.

Wa Kanner op de Fotoen drop sinn, da géinge mir d'Enseignantë bieden, d'Autorisatioun vun den Elteren ze froen.

D'Schoulen, déi matmaachen, ginn um Internetsite vun de „Journées du livre et du droit d'auteur" www.liesen.lu an am Courrier de l'Éducation nationale 04/2019 ernimmt.

De SCRIPT offréiert Bicherpräisser un d'Schoulen, déi matmaachen.

Mir maachen an engem spéidere Courrier de l'Éducation nationale e Réckbléck op d'Aktioun.

MENJE - SCRIPT
Promotion de la lecture
Edupôle Walferdange
BP 98
L-7201 Bereldange
Email : anne-marie.antony@men.lu / eugenie.schaus@men.lu

Merci fir d'Matmaachen.